

D'Optioun

D'Lëtzebuenger Nationalitéit kann een iwver Naturalisatioun oder Optioun kréien. An dësem zweete Video schwätze mer just iwver d'Naturalisatioun iwver Optioun.

Et handelt sech heibäi ëm eng vereinfacht Prozedur, déi zéng Eenzelfäll betrëfft.

D'Kanner, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn, kënnen vun 12 Joer un d'Lëtzebuenger Nationalitéit kréien, wa se déi fënnf Joer virun der Demande zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Bei Kanner, déi no 2013 gebuer sinn, muss sech zousätzlech een Elterendeel op d'mannst ee Joer laang virun der Gebuert legal zu Lëtzebuerg opgehalen hunn.

Jiddwereen, deen op d'mannst siwe Joer zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaangen ass, muss op d'mannst ee Joer laang, ier en eng Demande stellt, an engem Stéck zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Wann een op Lëtzebuerg koom, ier een 18 Joer hat, a weder zu Lëtzebuerg op d'Welt komm nach siwe Joer zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaangen ass, muss ee véier Kriterien erfëllen: Op d'mannst fënnf Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, de Sproochentest fir Lëtzebuergesch gepackt hunn, de Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg“ matgemaach hunn an d'Konditiounen vun der Eierbarkeet erfëllen.

Als erwuesse Persoun kann een d'Naturalisatioun per Optioun och ufroen, wann:

- een e mannerjäregt Kand huet, dat d'Lëtzebuenger Nationalitéit huet,
- ee vun den Elteren, Grousselteren oder Adoptiveltere Lëtzebuenger ass oder war,
- ee mat engem Lëtzebuenger / enger Lëtzebuengerin bestuet ass,
- een op d'mannst 20 Joer zu Lëtzebuerg wunnt,
- een d'Vepflichtungen aus dem „Contrat d'accueil et d'intégration“ erfëllt huet,
- een de Statut vum Staatenlosen, Flüchtling oder dem subsidiär Schutzberechtigten huet,
- ee fräiwëlleg zënter op d'mannst engem Joer Arméidéngscht leescht.

Eltere vun engem lëtzebuergesche Kand, déi d'Vepflichtungen aus dem „Contrat d'accueil et d'intégration“ erfëllt hunn, staatenlos sinn oder de Statut vum subsidiär Schutzberechtigten hunn, mussen déi véier Kriterien erfëllen.

De Kriterium vum Wunnsätz gëllt net fir Persounen, déi mat engem Lëtzebuenger oder enger Lëtzebuengerin bestuet sinn. Wa se awer am Ausland wunnen, mussen se op d'mannst dräi Joer bestuet sinn. Si mussen och de Sproochentest an d'Prüfung vum Civiques-Cours gepackt hunn.

Déi Persounen, déi zënter op d'mannst 20 Joer zu Lëtzebuerg liewen, mussen just nowisen, datt si e Lëtzebuergeschkurs gemaach hu vun op d'mannst 24 Stonnen. En Test muss net onbedéngt gemaach ginn.

Déi Persounen, déi en Elterendeel, e Grousspapp oder eng Groussmamm oder en Adoptivelterendeel mat Lëtzebuenger Nationalitéit hunn oder awer zënter op d'mannst engem Joer fräiwëlleg Militärdéngscht leeschten, mussen, fir d'Nationalitéit kënnen unzufroen, just d'Konditiounen vun der Eierbarkeet erfëllen.

D'Demande fir d'Naturalisatioun per Optioun gëtt op der Gemeng vum Wunnsätz agereecht. D'Gemeng schéckt d'Optiounserklärung un de Justizministère. Wann de Minister keen Award huet, gëtt d'Nationalitéit bannent véier Méint automatesch zouerkannt.

Weider Informatiounen iwwer d'Prozedur, besonnesch déi néideg Pabeieren, déi der Gemeng virzeleeë si bei der Demande, kritt een iwwer den Info-Telefon 8002 1000 vum Justizministère. Hei kënnt Dir vu méindes bis freides während de Bürosstonnen uruffen.